association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Rapport vun der Entrevue mam Educatiounsminister vum 21. Mäerz 2019

Präsenzen
MENJE: M. L. Folscheid, M. C. Meisch, M. R. Nehs, M. C. Peping, M. P. Reding, Mme D. Stammet
APESS: M. P. Beil, M. G. Everling, M. P. Zeihen

Reform vum Stage

Den Här Minister huet eis erkläert, datt en Haaptfeedback gewiescht wier, de Stage misst onbedéngt eng Épreuve certificative enthalen, wat e Punkt ass, deen och vu villen APESS-Memberen als ganz wichteg betruecht gëtt. Eent vun den Haaptziler vun der Reform vum Stage wier et, dem Stagiaire méi Zäit ze ginn, sech op de Beruff virzebereeden, ouni de Stress vun der Zertifikatioun. Dofir soll eng zertifikativ praktesch Stonn, also eng kuerz Période probatoire, um Enn vum éischte Schouljoer stattfannen. Eng aner Gewerkschaft géif awer mat Nodrock drop insistéieren, datt d'Proufstonn eréischt am éischten Trimester vum zweete Stagejoer sollt stattfannen. Mir gesinn d'praktesch Stonn um Enn vum éischte Joer als eng sënnvoll Moossnam. Dee Moment hätt de Stagiaire nom Examen concours, dee jo onverännert bleift, am Stage de Legislatiounsexamen, deen och onverännert bleift, an eng praktesch Stonn op enger Klass, wou hie seng Schüler well gutt kennt. Duerno kann e sech ganz op de formativen Deel vum Stage konzentréieren. Dobäi kënnt just d'Appréciation des performances professionnelles par le directeur, déi an all Stagejoer um Programm steet, déi awer identesch ass mat der Appreciatioun vun allen anere Staatsbeamten, d.h. do geet et net ëm d'Pädagogik. Mir kruten erkläert, datt et kaum virstellbar wier, datt een d'Legislatioun an d'Proufstonn géif packe fir dann eng negativ Appreciatioun vum Direkter ze kréien.

Mir hunn dunn de Problem ugeschwat, datt Stagiairë mat engem "Master préparant à la Fonction d'enseignant + 8 semaines de stages validés" oder engem "Bachelor en sciences de l'éducation + 16 semaines de stage validés" schonns no engem Joer d'Nominatioun, an domat d'Karriär, kréie kënnen, wärend dat bei deenen aneren eréischt no zwee Joer de Fall ass.
De Ministère argumentéiert, datt déi Leit sech jo bewosst fir den Enseignement entscheet hätten, wouduerch si am Géigesaz zu hire Kollege mat engem Master am Fach, quasi gezwonge wieren, an den Enseignement ze goen an do ze bleiwen an dat géif fir si e gewësse Risiko mat sech bréngen. Et géifen och keng Leit zougelooss ginn, déi d'Fach just am Bachelor studéiert an am Master just Pädagogik gemaach hätten. Et wiere just de Master am Fach an de Lehramtsstudium (Fachdidaktik) viséiert fir zukünfteg Proffen. De Moment géif et Dispense fir Stagiairë mat Fachdidaktik ginn, mä de Stage ouni Reduktioun wier fir si en Double emploi. Dofir wier et besser, d'Dispense kéint ee mat enger Réduction de stage ginn. Vill Kandidate géife mol guer net deklaréieren, datt si e Lehramtsstudium gemaach hätten, well e bis ewell net consideréiert gëtt. Dowéinst wier et schwiereg, d'Gesamtzuel vun deene Studenten anzeschätzen.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

Wéi mir eis, vun enger Rei Membere gedeelte Suerg, datt e Master am Fach am Secondaire erfuerderlech wier, ugeschwat hunn, krute mir erkläert, de “Master préparant à la Fonction d’enseignant” wär duerchaus fachlech och op deem Niveau, woubäi en awer net d’Méiglechkeet hätt, en Doktorat am Fach ze maachen. Dat ass an eisen Aen e Widdersproch: wann e Lehramt- oder equivalente Studium fachlech um selwechten Niveau ass wéi de Master am Fach, dann ass net anzegesinn, wisou eng Firma deen net genausou gutt astelle ka wéi ee mam Master am Fach. Doriwwer eraus stellt sech dann d’Fro, wisou an der Akademie manifestement e kloren Ënnerscheed tëscht deenen zwee gemaach gëtt wa se fachlech equivalent sinn?
Mir kruten och gesot, déi geplangten Ännerung géif den allgemenge Reegele fir de Rekrutement am Ausland entspriechen, an datt d’Nominatioun vum “Bachelor en sciences de l’éducation + 16 semaines de stage validés” schonns mat de Gewerkschaften aus dem Fondamental ausgehandelt an dorunner näischt z’ännere wier. Dee Bachelor wier eng Ausbildung vu véier an net dräi Joer an dohier net mat engem “normale” Bachelor gläichzesetzen.
Mir fannen et gutt, datt Leit hir pädagogesch Ausbildung unerkannt kréien an net méi mussen datselwecht nach eng Kéier am Stage maachen. De Professer mam Master am Fach bréngt awer an eisen Aen eendeiteg méi Fachwësse mat, wat him virun allem op den héije Klassen zegutt kënnt. Doriwwer eraus gëtt et sou e Parallelismus vu kuerzem a laangem Stage eises Wëssens soss néirens an der A1-Karriär beim Staat, d.h. mir gesinn dat als Diskriminatioun. Dofir hu mir als eng Méiglechkeet proposéiert, datt de Stage fir déi Leit soll op ee Joer gekierzt ginn mä hier Nominatioun awer, wéi bei allen aneren, kéint no zwee Joer stattfannen. Alternativ, well mir kengem eppes ewech huele wëllen, sollt een alle Leit d’Nominatioun no engem Joer ginn wat jo och kee Problem duerstellen dierft, vu datt d’zertifikativ Evaluatioun no engem Joer fäerdeg ass.

Wat den Inhalt vun der Appréciation des performances professionnelles betrëfft krute mir, wéi uewen ernimmt, verséchert, datt déi absolut identesch mat där vun allen anere Staatsbeamte wier a keng pädagogesch Evaluatioun enthale géif.

D’Proufstonn um Enn vum éischte Joer gëtt vun enger Kommissioun bewäert, déi aus dem Direkter, engem Conseiller didactique an engem Conseiller pédagogique besteet. De Conseiller didactique soll dofir suergen, datt d’Bewäertung landeswäit konsistent ofleeft.

D’zertifikativ Evaluatioun besteet just nach aus dem Legislatiounsexamen an der Proufstonn, d.h. et gi keng zertifikativ Produktioune méi.

Et gëtt elo e Projet de loi fir den neie Stage gemaach, deen an der 3. Juliwoch gestëmmt soll ginn. Mir hu gefrot, dee Projet de loi geschéckt ze kréien.

Siège social 389, route d’Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426

association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Travail de candidature a Rendez-vous mam CGPO

Mir hunn op e neits gefuerdert, datt déi Proffen, déi den TC gemaach hunn, dee missten unerkannt kréien. Den TC war en Travail post-universitaire, deen een huet misse maache fir seng Karriär ze kréien. Mir krute verséchert, et géifen deemnächst Gespréicher zu deem Thema gefouert ginn.

An deem Kontext hu mir och drun erënnert, datt mir säit 14 Méint e Rendez-vous mam MENJE an dem CGPO (Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'Etat) gefrot hunn an ëmmer erëm versprach krute fir iwwert eis Karriär, notamment de Professeur candidat, den TC an d'korrekt Bezuele vun den Iwwerstonnen ze schwätzen. De Minister erkennt den dréngenden Handlungsbedarf beim TC, wëll do awer keen Automatismus aféieren a versprécht ausféierlech Diskussiounen doriwwer, soubal den Dossier vun der Reform vum Stage evakuéiert ass. Jee nodeem wier et do néideg, d'Fonction publique anzebanne fir eng Upassung vun der Karriär vum Kandidat. De Minister huet drop higewisen, datt d'Kandidaten den TC iwwer eng Décharge bezuelt kritt hunn, souguer och déi, déi keen ofginn hunn. Mir hunn awer präziséiert, datt all d'Stagen (an alle Karriären) duerch eng Pai indemniséiert ginn, sou datt dat keen Argument wier.

Formation continue

Zu gudder Lescht hu mir de Bréif zum Thema Formation continue ugeschwat, deen den 20.3.19 vum Minister un d'Schouldirektioune geschéckt gouf. Mir hu Problemer, déi zwou Optiounen ze verstoen, well déi éischt bezitt sech op e Gesetz, dat et nach net gëtt an déi zweet op eng Période de référence, déi et net méi gëtt.
De Minister bedauert, datt trotz Upassung vun der Konstitutioun d'Geriicht hei awer Problemer mat sengem RGD hat. Schliisslech misst de Ministère den Accord de médiation vum Juli 2015 respektéieren. Momentan wieren et also 8 Stonnen FC d'Joer. Fir d'Rentrée wier awer en neit Gesetz a Kraaft, wou d'FC vun 48 Stonnen iwwer 3 Joer nees genausou dra stéing wéi se bis ewell am Reglement stoung. Deen Artikel aus deem Reglement ass jo den 12.2.19 vum Geriicht annuléiert ginn. Déi zwou Optiounen hätten eenzeg an eleng den Zweck, den Enseignanten entgéint ze kommen. Déi, déi wéineg FC gemaach hätten, géifen déi éischt Optioun wielen, déi aner déi zweet.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426